adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Gast Gibéryen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 NOV. 2018
40

Lëtzebuerg, den 19. November 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Kader vun der Reform vun der Police, wou d'Gesetz rezent a Kraaft getrueden ass, a méi spezifesch der territorialer Reorganisatioun, soll d'Policepräsenz uechter d'Land erhéicht, an de Service um Bierger duerch méi Flexibilitéit verbessert ginn. Heizou sief bemierkt, datt den Här Minister ëmmer erëm verséchert huet, et géife keng Policekommissariater géint de Wëlle vun den zoustännege Gemengenautoritéiten zougemaach.

Lo verlauschtert een awer verschiddentlech Problemer, déi genau op de Géigendeel schléisse loossen.

An dem Zesummenhang géif ech dem Har Minister fir bannenzeg Sécherheet gär folgend Froe stellen:

1. Ass et richteg, datt zu Stengefort, an der Fiels an zu Groussbus all Beamten ofgezu goufen, an datt op deene Platzen nëmmen nach minimal Guichetszäiten assuréiert ginn?
2. Ginn et nach aner Kommissariater, déi „de facto" zougemaach goufen?
3. Wärend wéi vill Stonnen am Mount sinn nach Beamten op deene Kommissariater op der Plaz, fir do ze schaffen? Kann op

deene Kommissariater nach effizient am Sënn vun der Sécherheet vum Bierger geschafft ginn?

4. Wat ass de Käschtepunkt, fir esou ee Kommissariat „fiktiv" um Liewen ze erhalen?
5. Wier et net wesentlech méi spuersam a sënnvoll, d'Konzept vun engem „Commissariat mobile", deen et zënter 2011 an der Police soll ginn, ze benotzen, fir punktuell Ulafstellen an den Uertschaften ze bidden, wou kee Kommissariat (méi) bedriwwe gëtt?
6. Stëmmt et, datt d'Kommissariat zu Miersch, dat ronderëm d'Auer funktionéiere soll, verschiddentlech schonn huet misste wéinst Personalmanktem zougemaach ginn? Wa jo, wéi dacks war dat schonn de Fall, a wat sinn d'Grënn dofir?
7. Wat gedenkt den Här Minister ze ënnerhuelen, fir esou Zoustänn an Zukunft ze verhënneren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 20 novembre 2018

Objet : Question parlementaire n° 40 du 19.11.2018 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Commissariats de police

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Gast Gibéryen
Président de la Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
04 DEC. 2018

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le - 4 DEC. 2018

Objet : Question parlementaire n° 40 du 19 novembre 2018 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Etienne SCHNEIDER

Adresse bureaux
19-21, bvd Royal
L-2449 Luxembourg

Adresse postale
B.P. 219
L-2012 Luxembourg

Tél. (+352) 247-84659
Fax (+352) 22 72 76

secretariat@msi.etat.lu

www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Réponse de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Etienne SCHNEIDER à la question parlementaire n°40 du 19 novembre 2018 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER

Ad 1:

Dës Affirmatioun ass net richteg. D'Commissariater existéieren nach all a sinn och um Internetsite vun der Police opgelëscht. Dës Bureauen sinn entweder 24 op 24 Stonnen an 7 Deeg op 7 besat (commissariats à 3 roulements) oder d'office vun 13.00 -17.00 Auer an op Rendezvous vun 7.00 bis 21.00 Auer.

Déi territorial Reorganisatioun vun der Police ass geduecht fir méi eng polizeilech Präsenz um nationale Terrain ze garantéieren 24/24 Stonnen an 7/7Deeg an dëst op Basis vum neie Policegesetz (loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale).

Ad 2:

/

Ad 3:

Am Kontext vun der Reorganisatioun vun der Police gouf den Accent op déi concernéiert Zonen gesat an nët op den sougenannten Policeposten. Säit dem 1ten August 2018 kann d'Police de Bierger eng méi grouss Präsenz an eng aktiv Präventioun géint all Form vun Kriminalitéit garantéieren, an dëst um ganzen nationalen Terrain 24/24 Stonnen an 7/7 Deeg. D' Résidanten vun de verschiddene Gemengen hunn och d'Méiglechkeet vun 7.00 bis 21.00 Auer e Rendezvous am lokalen Commissariat (commissariat à deux roulements) ze maachen.

Mat der Ëmsetzung Unfanks 2019 vum neien Dispatching Programm kënnen di verschidde Patrullen besser geréiert ginn a Funktioun vun hirer geografescher Proximitéit par rapport zu engem Evenement daat hiren Asaz fuerdert an dëst onofhängeg vun der Unitéit wou se affektéiert sinn.

Ad 4:

/

Ad 5:

D'Konzept vun engem mobillen Commissariat déngt net fir Commissariater mat zwee Roulementer (C2R) ze ersetzen, respektiv en neien CR2 ze kreéieren, mee als Moyen deen vun de Policeregiounen genotzt gëtt während groussen Evenementer déi wäit vun den Bureauen stattfannen fir ënner anerem:

- eng besser Visibilitéit vun der Police an der Ëffentlechkeet
- eng séier Prise en charge vun klengen Plainten (Déifstal, Verléieren)
- eng besser Accessibilitéit vun den Polizisten vis-à-vis vun den Bierger

ze garantéieren.

D'Basisiddi vun engem mobille Commissariat ass fir vun engem groussen Undrang vun Bierger op enger cibléierter Plaz ze profitéieren ewéi zum Beispill am Fall vun lokale Manifestatiounen (Kiermes, lokal Fester, Braderie,...), groussen Evenementer (Concert, Festival, Sportsmanifestatioun,...),Plazen déi wäit ewech vun Policeunitéiten sinn.

Ad 6:

Et kann an rare Fäll sinn datt wéinst onerwaartenen Ursaachen (Krankeschäin an leschter Minutt, urgent Missiounen fir den Maintien de l'ordre etc.) et net méiglech ass an enger Policeunitéit zu honnert Prozent Patrullen ze assuréieren. An enger éischter Phase ass et méiglech op d'Effektiver vun Nopeschunitéiten vun den jeeweilegen concernéierten Police Regiounen zeréck ze gräifen.
Wann dëst éischt Optioun sech als ze lues erweist wat den Délai vun der Interventioun ugeet, ass et méiglech am Kader vun dem neien Dispatching Programm de Manktem un Effektiver opzehuelen andeems een fräi Patrullen vun Nopeschcommissariater/régiounen diligentéiert.

Ad 7:

Fir kënnen voll an ganz vun der Reorganisatioun vun der Police, konform zum neien Policegesetz, an dem neien Dispatching Programm vun den Patrullen ze profitéieren, erweist et sech als indispensabel fir d'Synergien tëscht de verschiddenen Unitéiten (C2R an C3R) weider ze verdéiwen.